Mental Health Week 2021

JONK SOZIALISTEN

Mental Health Week 2021

Kontaktéiert eis!

Sabrina Hellinghausen
bina.hellinghausen@gmail.com
691979932

Jil Feipel
jil.feipel@hotmail.com
+33767444937

Sommaire

Introduction.....p. 5

Thema N° 1 : Juristesche Kader a Remboursement: Psychiater,
Psychologen a Psychotherapeuten-d'Saga geet weider.....p. 6 - 7

Thema N° 2 : D'Pénurie un Personal am Secteur
vun der mentaler Gesondheet.....p. 8 - 9

Thema N° 3 : Mental Gesondheet bei de Kanner a Jugendlechen.....p. 10 - 11

Thema N° 4 : Mental Gesondheet an der Aarbechtswelt.....p. 12 - 13

Thema N° 5 : Mental Gesondheet vun den eelere Leit.....p. 14 - 15

Quellen.....p. 16 - 19

#MENTALHEALTHWEEK

Mental Gesondheet : en “Etat des lieux” vun der Situatioun zu Lëtzebuerg

Bei der Grënnung vum Europäesche Pakt fir Mental Gesondheet a Wuelbefannen am Joer 2008 war 1 vun 10 Persoune vu psychesche Problemer betraff, ënner anerem : Depressioun, Angschtzoustänn, Alkoholproblemer, Drogenofhängegkeet a Psychose.[i]

1/5 vun de Residenten huet scho min. eng kéier eng Demande fir ee Remboursement fir Psychotrope gemaach

Am Joer 2010, hunn der CRP-Santé no, 1/5 vun der Lëtzebuerger Populatioun op d'mannst ee mol ee Remboursement fir Psychotropen ugefrot, dorënner Anti-Depressiva, Berouegungsmëttel a Schlofpëllen (24,9% vun de Fraen a 15,1% vun de Männer a Lëtzebuerg).[ii]

An de Joren 2011 an 2012 huet d'CRP-Santé och festgestallt datt Selbstmord d'Nummer 1 Doudesursaach ass bei de 15-34 Joer alen.[ii]

Laut enger Studie vun der Preventioun Suicide zu Lëtzebuerg ass de Selbstmordrisiko bei de fortgeschrattenen Altersgruppen dräi bis véier Mol méi héich wéi bei jonke Leit ënner 25 Joer. Et schéngt och datt Leit vu 75 Joer a méi den héchste Risiko presentéieren.[iii]

D'Weltgesondheetsorganisatioun(WHO) huet festgestallt, dass en negatiivt Aarbechtsëmfeld zu physeschen a mentale Gesondheetsproblemer féiert. D'mental Problemer kënnen och en negativen Impakt op d'Produktivitéit, d'Effektivitéit an d'kierperlech Gesondheet vun de schaffende Léit hunn.[iv]

Leider schéngt et, wéi wann d'Covid-19 Pandemie de steigenden Trend vun de mentale Gesondheetsproblemer verstäerkt huet.

Enger Etüde vum Kanner-Jugendtelefon no sinn zënter dem Joer 2019 d'Zuele vun Uriff am Bezuch zu spezifesche Symptomer eropgaangen : bei Ängscht a Suergen (13 am Joer 2019 géint 27 am Joer 2020), bei Depressioun (14 am Joer 2019 géint 33 am Joer 2020), bei Einsamkeet (5 am Joer 2019 géint 8 am Joer 2020) oder bei selwer-zerstéierendem Verhalen (3 am Joer 2019, géint 12 am Joer 2020).[v]

De Statec, huet fir säin Deel, festgestallt datt fir 1 vun 3 Awunner sech d'psychesch Gesondheet wärend der Covid-19 Kris verschlechtert huet.[vi]

Dës Zuele weisen déi kloer Neigung vun der Lëtz. Bevëlkerung ëmmer méi ënner mentale Gesondheetsproblemer ze leiden, eng zäitgenëssesch Plo wou an all EU-Land bekannt ass.

Wärenddeems verschidde Fakteuren eng entscheedend Roll spille kënnen, wéi den Alter, déi sozio-ekonomesch Situatioun, d'Ethnie, d'Hautfaarf oder d'Geschlecht, sinn dës Facteuren net eleng ofhängeg vun der Existenz vu mentale Gesondheetsproblemer. Dozou kënnt, dass Stigma a sozial Exklusioun, déi béid Risikofacteuren a Konsequenze vu mentale Stéierunge sinn, d'Sich no Hëllef an Heelen oft verhënneren.[vii]

En vue vun der wuessender Unzuel vu mentale Gesondheetsproblemer bei de Lëtzebuerger Awunner ass et logesch, datt vill Awunner Hëllef bei mentale Gesondheetsberuffer sichen.

<u>Déi verschidde Gesondheetsberuffer an der mentaler Gesondheet</u>

Tëscht den verschiddene mentale Gesondheetsberuffer wéi Psychologen, Psychiateren a Psychotherapeute kann ee mol schnell duerchernee ginn.

- De Psychiater :

De Psychiater gëtt zu Lëtzebuerg als Fachmedeziner unerkannt an ass dofir autoriséiert Medikamenter ze verschreiwen. Seng Ausbildung besteet aus engem Studium an allgemenger Medezin vu 6 bis 7 Joer, souwéi enger medezinescher Spezialiséierung an der Psychiatrie vu 4 bis 5 Joer.

Am klineschen Feld schaffe Psychiater a Psychologen dacks zesummen als Deel vun engem Behandlungsteam.[viii]

- De Psycholog :

Zu Lëtzebuerg ass de Psycholog e Professionellen, spezialiséiert op psychescht Behuelen an op interperséinlecht Funktionéieren. Klinesch Psychologe spezialiséieren sech op psychesch Stéierungen. De Psycholog ass oft den éischten Uspriechpartner vun de Bierger, ob am Privatsecteur oder an engem Service wéi de SePAS , SPOS, de Planning Familial, d'Rout Kräiz, d' Fondation Cancer asw., dës Fachleit hunn eng Ausbildung als Psycholog, bestoend aus engem Bachelor an engem Master an der Psychologie.

Zu Lëtzebuerg gëtt et kee Gesetz a kee legale Kader fir d'Psychologen, hir Servicer sinn net vun der Caisse Nationale de Santé (CNS) rembourséiert, mat der Ausnam vun e puer Servicer déi psychesch Hëllef mat enger finanzieller Ënnerstëtzung oder souguer gratis Servicer ubidden (wéi zum Beispill den Office National de l'Enfance, d'Rout Kräiz an d'Fondation Cancer).

- De Psychotherapeut :

Laut dem Gesetz vum 14. Juli 2015 gëtt de Psychotherapeut definéiert als
“toute personne physique qui utilise, dans le cadre de son activité professionnelle, la méthode thérapeutique qui fait exclusivement appel à des moyens psychologiques reconnus afin de traiter les troubles mentaux chez l'adulte, l'adolescent et l'enfant“.[ix]

An de meeschte Fäll si Psychotherapeuten hirer Ausbildung no entweder Psychologen(Psycho-Psychotherapeuten) oder Psychiateren (Psychiater -Psychotherapeuten) mat enger spezieller Ausbildungen a verschiddenen therapeutesche Methode fir als Psychotherapeut unerkannt ze ginn.

No dëser allgemenger Aféierung invitéieren Iech déi Jonk Sozialisten op hir Woch vun der Mentaler Gesondheet : eng thematesch Sensibiliséierungswoch iwwert d'mentaler Gesondheet zu Lëtzebuerg a wéi et eis all betrëfft.

Juristesche Kader a Remboursement: Psychiater, Psychologen a Psychotherapeute – d'Saga geet weider

En vue vun der wuessender Unzuel vu mentale Gesondheetsproblemer bei de Lëtzebuerger Awunner ass et eendeiteg, datt vill Awunner Hëllef bei mentale Gesondheetsberuffer sichen an se och brauchen.
Mee egal op punkto Formatioun, legale Kader oder Betreiung, déi verschidde Gesondheetsberuffer ginn nach laang net all d'selwescht behandelt.
Zu Lëtzebuerg kascht e Psycholog bis zu 145.- € d'Stonn, déi net remboursëiert ginn, d'Consultatioune beim Psychiater ginn awer deels remboursëiert...

Dëst werft hautdesdags e puer Froen zum legale Kader vun der Hëllef an zur finanzieller Ënnerstëtzung bei mentale Gesondheetsproblemer op!

I. Analys vum Gesetz vum 14. Juli 2015

De 14. Juli 2015 gouf d'Gesetz zum Beruff vum Psychotherapeut am Mémorial publizéiert. Dëst Gesetz beschäftegt sech nëmme mat Psychotherapeuten, wärend Psychologen, komplett vum legale Kader zu Lëtzebuerg ausgeschloss ginn.
Den Zweck vun dësem Gesetz war et (i) e legale Kader fir de Beruff vum Psychotherapeut ze schafen, (ii) Psychotherapie ze definéieren, an (iii) déi Haaptprinzippie vum Beruff z'encadréieren an (iv) d'Konditioune fir den Zougang zum Beruff vum Psychotherapeut zu Lëtzebuerg ze reguléieren[I]

D'Gesetz vum 14. Juli 2015 definéiert d' Psychotherapie als "*traitement psychologique pour un trouble mental, pour des perturbations comportementales ou pour tout autre problème entraînant une souffrance ou une détresse psychologique, et qui a pour but de favoriser chez le ou les patient(s) des changements bénéfiques, notamment dans le fonctionnement cognitif, émotionnel ou comportemental, dans le système interpersonnel, dans la personnalité ou dans l'état de santé. Ce traitement va au-delà d'un accompagnement sous forme d'aide psychologique visant à faire face aux difficultés courantes ou d'un rapport de conseils ou de soutien*" [II]

Den Artikel 2 vum Gesetz gesäit déi verschidde Konditioune vir, fir den Zougang zum Beruff vun Psychotherapeut ze kréien. Dës Konditioune gi vum Collège Medical an dem Wëssenschaftleche Rot vun der Psychotherapie verifizéiert. Et ass no der Berodung vu béiden Acteuren dann um Santesministère eng Entscheedung ze treffen déi den Zougang zum Beruff vum Psychotherapeut jeeweils autoriséiert oder refuséiert.[III]

De Psychotherapeut exerzéiert säi Beruff autonom, a verflicht sech och säi Wëssen um neiste Stand ze halen a seng Patienten eventuell op aner Fachleit wéiderzeleede wann de Besoin do ass.[IV]
Trotzdeem, an dëst am Géigesaz zum populäre Glawen, huet dëst Gesetz, usech, keng Ënnerstëtzung a kee Remboursement fir psychotherapeutesch Servicer agefouert.

II. Wéi geséit daat dann elo mam Remboursement zu Lëtzebuerg aus?

- Fir Psychiateren :

Am Hibléck op de Status vum Psychiater als Fachmedeziner ënnerleien d'Servicer vun engem Psychiater der Nomenclature, dat heescht, datt Tarificatioun an de Remboursement vun der Caisse Nationale de santé (CNS) gereegelt sinn. [V] Esou gi fir Consultatioun bei engem Psychiater em 88% fir Erwuessener, an 100% fir Kanner remboursëiert.

- Fir Psychotherapeuten:

Wéinst der Tatsaach datt d'Gesetz vum 14. Juli 2015 och de Code de la sécurité sociale geännert huet, an den Punkt 13 am Artikel 61 Paragraf 2 bäigesat gouf, huet d'Relatioun tëscht Gesondheetsversécherung a Psychotherapeute missen definéiert ginn. Doweinst misste schréftlech Accorden tëscht der CNS an de representativenBeruffsgruppen ofgeschloss ginn - hei representéiert "*Fédération des associations representant des psychothérapeutes au Grand-Duché de Luxembourg*" (FAPSYLUX) d'Psychotherapeuten zu Lëtzebuerg. D'Verhandlungen tëscht dësen zwee Gespréichspartner, a Presenz vum Collège Médical, hunn 6 Méint gedauert, ouni Erfolleg. [VI]
Et ass also gewosst, dass een Ofkommes tëscht der CNS an der FAPSYLUX feelt, soudass och d'Generalinspektioun vun der Sozialversécherung d'Gespréichspartner aberuff huet fir als Mediateur z'agéieren. [VII]

De Vermëttler, deen den 1. Oktober 2018 ernannt gouf, hat dräi Méint Zäit fir d'Parteien ze versönen. Aus Mangel un engem Accord iwwer déi obligatoresch konventionell Bestëmmungen, gouf en procès-verbal de non-conciliation vum Vermëttler den 31. Dezember 2018 ausgeschaft. [VIII]

Laut dem Artikel 70 Paragraf 2, alinéa 2 vum Code de la Sécurité sociale, sinn déi obligatoresch Bestëmmunge vum Ofkommes duerch groussherzoglecht Reglement fixéiert ginn, e Projet den viru kuerzem dem Staatsrot virgeluecht gouf.
De 17. November 2020 huet de Staatsrot en zimlech negativen Avis iwwer de Projet vum groussherzogleche Reglement erausginn, deen d'Bezéiungen tëscht der CNS an der FAPSYLUX reguléiert. [IX]
De Staatsrot kritiséiert, datt d'Autonomie vun de Psychotherapeuten durch de Réglement Grand-Ducal géing beschränkt ginn. Déi genannte Restriktioune iwwerschreiden de legale Kader, dee vum Gesetz vum 14. Juli 2015 ausgeschafft gouf.[X]
Laut dem Réglement Grand-Ducal misste

Patienten an éischter Linn als alleréischt bei ee Generalist goen, deen een dann op een Psychotherapeut referéiert. Wéi kéint ee Psychotherapeut esou dann eng gewëssen Autonomie genéissen wann den Zougang zu senge Servicer limitéiert géing ginn?

Et ass aktuell gewosst, datt d'FAPSYLUX an d'CNS a Verhandlunge sinn iwwer eng méiglech Konventioun. D'Diskussioune schéngen op der Nomenclature ze hänken, an dëst wärendems d'Tariffer nach ëmmer net ofgeschwat goufen. Also bleift d'Zukunft a Froe Remboursement vu psychotherapeutesche Servicer onsécher... D'Jonk Sozialiste begréissen d'Gesetz vum 14. Juli 2015 a bedaueren awer d'schleefe vum aktuelle Prozess an de Mangel u Conciliatiounen tëscht de Gespréichspartner, an Zäite wou d'mental Gesondheetsproblemer ëmmer méi zouhuelen.

- Fir Psychologen :

Leider existéiert kee legale Kader fir Psychologen zu Lëtzebuerg, mat Ausnam vu Psychologen aus dem CPOS, SEPAS asw.

Am aktuellen Zoustand schéngt et e grousse Meenungsënnerscheed ze ginn, wat de Besoin u legale Kader fir Psychologen zu Lëtzebuerg ugeet, an och, virun allem, wat méiglech Rembourséementer fir hir Servicer ugeet.

Engersäits kéint een automateschen a large Remboursement vun de psychologesche Servicer den Budget ronderëm d'Betreiung an de Remboursement vu schwéiere mentalen a neurologesche Gesondheetspathologien negativ beafléissen em déi de Psychiater sech als Fachmediziner bekëmmert.
De Remboursement vu psychologesche Servicer hätt leider och kee richtegen Impakt op d'Entlaaschtung vun de Psychiateren an de Manktem u Psychiateren zu Lëtzebuerg.

Anerersäits, kann een och net zouloossen dat d'Servicer vu Psychologen net rembourséiert ginn, wann déi tëscht 70.-€ an 145.-€ d'Stonn kaschte kënnen an eng Therapie periodesch ass an iwwert Méint oder Joren dauere kann. Esou eng Zomm kann ee richtegt Hindernis fir d'Sich no Hëllef a Betreiung duerstellen an dréit nëmmen zur Stigmatiséierung an Tabuiséierung vun de mentale Gesondheetsproblemer béi.

Wärend d'Meenungen divergent sinn tëscht de verschiddene Gespréichspartner bedauere mir Jonk Sozialisten de Manktem u sou engem legale Kader a fuerderen d'Aféierung vun engem Projet de loi, deen de Beruff vum Psycholog erstellt , wéi d'Gesetz vum 14. Juli 2015, dëst a Verhandlungen tëscht Gesondheetsversécherung an der Société Luxembourgeoise de Psychologie (SLP).

D' Jonk Sozialisten sinn der Meenung dat dëst déi bescht Initiativ ass fir eng Zukunft wou psychologesch Betreiung net nëmmen unerkannt gëtt, mee och deels rembourséiert gëtt. Dëst zemools mam Hibléck op de Fakt dat psychologesch Hëllef eng Hëllef fir Alldagssituatiounen ass, esou wei implizitt vum Gesetz vum 14. Juli 2015 definéiert.

Mir fuerderen d'Mise en Place vun engem legale Kader fir Psychologen esou wéi eng besser Kooperatioun fir eng Léisung ze fannen um Niveau vum Remboursement vu Psychologen a Psychotherapeuten.

III. De Pflegesystem vum ONE : ee gudden Zukunftsmodell?

Den Office National de l'Enfance (ONE), deen duerch ee Gesetz vum 16. Dezember 2008 ënner dem Educatiounsministère gegrënnt gouf, bitt e finanzielle Bäitrag vu bal 80% un fir Therapie-Sessiounen.[XI] Dës Méiglechkeet ass geduecht fir de Kanner, Jugendlechen a jonken Erwuessenen tëscht 0 a 27 Joer kënnen eng abordabel an néideg Therapie z'erméiglechen.[XII]

Fir vun esou enger Betreiung kënnen ze profitéieren, muss de Patient sech op e Psycholog oder Psycholog-Psychotherapeut bezéien, deen eng Ufro fir d'Betreiung vum Patient muss un den ONE formuléieren. Dës Ënnerstëtzungsufro muss, ënner annerem, eng Diagnos vum Patient, d'Unzuel vun de Sessiounen, souwéi d'Ursaache vun der Ufro fir d' Ënnerstëtzung enthaalen.

No sou enger Ufro ass et um ONE esou eng Ofdeckung z'accordéieren oder ze refuséieren. D'Grënn fir ee Refus, wärend se zimmlech rar bleiwen, dréinen sech dacks ronderëm de Fakt datt e SePAS oder SPOS oder en aneren Hëllef-Zentrum an der Géigend existéiert and gratis Betreiung ubitt. Esou kënnen Ufroe fir Ënnerstëtzung méi dacks refuséiert gi fir jonk Leit, déi am Zentrum oder am Süde vum Land wunnen, wéi déi wou am Norden, Osten oder am Weste vum Land wunnen.

Déi Prise en Charge ass ganz favorabel fir de Patient wärend maximal ee nidderege finanzielle Bäitrag pro Sessioun vum Patient, respektiv vun den Elteren, erfuerdert gëtt, am Verglach zu de puer Honnerte vun Euro pro Sessioun.

Den ONE plädéiert fir subjektiv Pflegedecisiounen a mécht domat eng Fall-fir-Fall Analyse fir d'Betreiung z'acceptéieren oder ze refuséieren. Jiddwerfalls schéngt de Pflegesystem vum ONE ouni grouss Problemer gutt ze fonctionéieren.
Mir Jonk Sozialiste sinn der Meenung dat ee Pflegesystem fir mental Gesondheetsproblemer fir Erwuessener, deen sech, ënner anerem, op d'Prinzippien vum ONE baséiert - wéi d'Faculté contributive vun der Persoun, de Besoin un Betreiung, d'Unzuel un néidege Seancen, d'geographesch Proximitéit zu de Strukturen déi gratis/ abordabel Betreiung erméiglechen, de Prinzip vun der Autonomie vum Psycholog a Psychotherapeut, deen de Patient direkt kontaktéiere kann asw, - favorabel wier fir eng gutt Mëtt ze fannen. Esou kéint ee subjektive Remboursement erméiglecht ginn an eng Autonomie erlaben, wéi och eng Fall-fir-Fall Analyse vun de Patienten ze maachen déi eng Therapie bräichten oder och nëmmen eng Betreiung an Alldagssituatiounen.

IV. Conclusioun

Mental Gesondheet ass e wichtegen Deel vum Wuelbefanne vum Mënsch. Et ass e Schlësseldeterminant vun der gesamter Gesondheet vun all Bierger. Tatsächlech ass eng global national Strategie déi eenzeg koordinéiert Äntwert op eng Plo déi quasi eis all betrëfft.

Mir Jonk Sozialiste fuerderen d'Mise en place vun engem legale Kader fir Psychologen esou wéi eng besser Kooperatioun fir eng Léisung ze fannen um Niveau vum Remboursement vu Psychologen a Psychotherapeuten. Dëst wäert den eendeitegen Effekt hunn de Wee fir eng Entstigmatiséierung vum Beruff an och vun der psychologescher Betreiung fir a Richtung vun engem gesonde Geescht an engem gesonde Kierper ze goen.

Déi Jonk Sozialiste fuerderen d'Grënnung vun engem Pflegesystem fir Psychologen a Psychotherapeute den sech op den existente Pflegesystem an der Prise en Charge vum ONE , baséiert, ee System deen zënter 2008 gudd fonctionéiert. Esou wier net nëmmen d'Autonomie vun de betraffene Beruffer respektéiert, awer och d'Gestioun vu psychesche Gesondheetsproblemer fir all d'Bierger a Nout erméiglecht.

D'Pénurie un Personal am Secteur vun der mentaler Gesondheet

Wärend dëser Pandemie dréint sech villes ëm eis physesch Gesondheet, obwuel déi aktuell Situatioun och eng immens Belaaschtung fir eis psychescht Wuelbefanne ass. Do kënnt virun allem eppes zum Virschäi wat laangfristeg zu engem grousse Problem ka ginn: de grousse Mangel un Aarbechtskräften um Terrain vun der mentaler Gesondheet zu Lëtzebuerg. Dobäi gëllt ze betounen dass dëse Manktem scho viru Mäerz 2020 bekannt war, mee duerch déi aktuell Situatioun huet sech dee wuel nach méi verstäerkt. Wärend dëser Pandemie dréint sech villes ëm eis physesch Gesondheet, obwuel déi aktuell Situatioun och eng immens Belaaschtung fir eis psychescht Wuelbefanne ass. Do kënnt virun allem eppes zum Virschäi wat laangfristeg zu engem grousse Problem ka ginn: de grousse Mangel un Aarbechtskräften um Terrain vun der mentaler Gesondheet zu Lëtzebuerg. Dobäi gëllt ze betounen dass dëse Manktem scho viru Mäerz 2020 bekannt war, mee duerch déi aktuell Situatioun huet sech dee wuel nach méi verstäerkt. Eng Etüd vun der Mme. LAIR-HILLION fir de Gesondheetsministère souwéi d'Direktioun vun der Santé[I] huet 2019 schonn op déi dramatesch Situatioun wat Personal am Gesondheetssecteur betrëfft higewisen. Et ass also gewosst dass et zu Lëtzebuerg allgemeng un Personal an deem Secteur feelt, woubäi verschidde Beruffer méi staark betraff si wéi anerer, dozou zielen och d'Beruffer ronderëm d'mental Gesondheet.80% vun deenen am Moment aktive Psychiatere wäerten an deenen nächste 15 Joer an d'Pensioun goen.

Am alarmantsten ass d'Situatioun bei de Psychiateren : den Altersduerchschnëtt vu Psychiateren hei am Land läit aktuell bei ronn 54 Joer.[II] Dëst bedeit, dass an deenen nächste 15 Joer 80% vun deenen am Moment aktive Psychiateren an d'Pensioun[III] wäerte goen. Wéinst dem steigende Besoin un psychescher Hëllef mussen elo souguer pensionéiert Psychiateren asprangen[IV]. An de lëschte Jore goufen ëmmer just déi Psychiateren déi a Pensioun gaange sinn ersat, wat awer elo mat der wuessender Bevëlkerung an och der aktueller Situatioun sécher net méi duer goe wäert.[V]

Dobäi kennt, dass zu Lëtzebuerg virun allem och de Beräich vun der Pedopsychiatrie (Kannerpsychiatrie) betraff ass. Et feelt un Pedopsychiateren an och Pedopsychologe[VI] woubäi virun allem och d'Kanner mental Schwieregkeeten an der aktueller Situatioun hunn[VII]. Iwwregens entwéckelen sech iwwert déi lescht Jore ëmmer méi mental Krankheeten a méi fréiem Alter[VIII], wat mat sech bréngt dass d'Personal



an der Pedopsychiatrie och gefrot ass. D'Situatioun bezüglech vu Psychiateren ass also kritesch, mee net nëmmen si sinn betraff. Nieft hinne spillen d'Psychologen, d'Psychotherapeuten a grad esou d'Infirmieren an d'Infirmièrë psychiatriques eng wichteg Roll. Virun allem dës spezialiséiert Infirmieren an Infirmièrë si ganz rar um lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart[IX]. De Manktem un Psychiatere manifestéiert sech nach méi kloer wann een d'Unzuel vu Psychiateren, Psychotherapeuten an och Psychologen zu Lëtzebuerg vergläicht.

D'Société Luxembourgeoise de Psychologie (SLP) zielt méi wéi 400 Fachleit op, dorënner 150 Psychotherapeute woubäi nëmmen 138 Psychiatere beim Collège médical gemellt sinn[X], vun deenen eng Réi schonns pensionéiert sinn[XI].

I. D'Situatioun an den ënnerschiddleche Strukturen

1. D'Privatpraxissen:

Wat privat Praxisse betrëfft, manifestéiert sech do de Manktem un Psychiateren ëmmer méi, obwuel ongefeier d'Hallschent vun de Psychiateren zu Lëtzebuerg an Privatpraxisse schaffen[XII]. Déi grouss Demande hänkt méiglecherweis och domat zesummen dass Patiente léiwer Psychiatere consultéiere well déi am Géigesaz zu de Psychologen a Psychotherapeute vun der Krankekeess remboursëiert ginn.

2. De Spidolssecteur:

Wat d'Situatioun an de Spideeler betrëfft, si virun allem si vun dësem Defizit betraff. Dëst hänkt mat der extremer Aarbechtsbelaaschtung duerch déi vill Bereetschaftsdéngschter a Garden zesummen. Donieft gëtt et awer och ëmmer méi schwéier fir Infirmieren an Infirmièrë psychatriques, déi spezifesch dofir geschoult si fir Patienten ze betreien déi mental net sou stabil sinn, ze fannen.

3. D'extraspideelesch Psychatrië:

U leschter Stell bidden dann extraspideelesch Psychiatrië verschidde Servicer an Aktivitéite fir Betraffener un (« Liewen dobaussen » am Norden, « RéseauPsy » am Süden an der Ligue am Zentrum). Dës ASBL'en bidden, gréisstendeels ouni Käschten, Berodungsstelle un wou Betraffener Rendezvous'en bei Psychiater, Psychologen oder Psychotherapeute kréien, gläichzäiteg ginn och therapeutesch oder kënschtleresch Aktivitéite souwéi ee Service d'information et de prevention offréiert. Donieft stellen si och Wunnméiglechkeeten zur Verfügung, wou Patienten direkt a Wunnengen oder a Foyere betreit ginn, a just fir Käschte wéi Loyer etc. mussen opkommen. Des Servicer sinn immens wichteg fir d'Betreiung vu Patienten, an dat virun allem fir Léit, déi sech selwer keng Hëllef leeschte kennen, vue dass just d'Consultatioune vu Psychiatere vun der Krankekeess remboursëiert ginn. Dobäi

weisen etlech Etüden dass Léit mat finanzielle Probleemer méi oft betraff si vu mentale Krankheeten[XIII]. Leider ass d'Situatioun fir des ASBL'en, déi finanziell deels vum Ministère de la Santé an deels vun der CNS ënnerstëtzt ginn, net vill besser wéi am Praxis- a Spidolsberäich. Eng grouss Demande fir des wichteg Servicer besteet ëmmer. Een anere wichtegen Aspekt ass, dass des ASBL'en och den Defizit un Psychiateren ze spiere kréien, vu dass d'Psychiateren nom Degréë vun de Staatsbeamtesecteur bezuelt ginn, verdénge sinn an dësen ASBL'en manner, si gi wéi Dokteren ouni Spezialiséierung unerkannt a bezuelt (carrière du médecin généraliste de l'Etat)[XIV]. Et ass also däitlech méi attraktiv am privaten oder am Spidolssecteur als Psychiater ze schaffen, sou bléift och d'Rekrutement vu Psychiateren nieft dem ganze Mangel u Personal nach méi schwéier. Dozou kennt, dass um Terrain vun der extraspideelescher Psychiatrie grad wéi an de Spideeler, d'Demande un Infirmieren an Infirmièrë psychatriques present ass.

II. Conclusioun

Als Fazit kann ee soen dass eng strukturell Pénurie an deene genannte Strukture besteet, virun allem bei de Psychiateren. Eis mental Gesondheet ass genau esou wichteg wéi eis physesch Gesondheet an um Terrain ginn ëmmer nei Aarbechtskräfte gesicht. Dëse Besoin war virun der aktueller Pandemie schonn do an dee schéngt sech elo nach ze vergréisseren. Et mussen elo Mesurë geholl gi fir géint des Penurie fir ze goen !

Dofir fuerdere mir als Jonk Sozialisten:

Als alleréischt dass d'Aarbechtskonditiounen um Terrain verbessert ginn, wéi d'Iwwerstonnen an déi vill Garden a Bereetschaftsdengschter. D'Psychiatere musse beispillsweis Garden iwwerhuelen, ouni iwwerhaapt dozou verflicht ze sinn, mee aus rengem Manktem un Personal. Géing et méi Personal ginn, kéinten si entlaascht ginn a soumat des Aarbechtskonditioune verbessert ginn.
De Beruff vum Psychiater muss, am Bezuch zu der Aarbecht wou si leeschten an och wat hire Salaire betrëfft, revaloriséiert ginn. Eng Revalorisatioun vun hirer Nomenclature ass néideg, si gehéieren zu deene Spezialiste wou am mannste verdéngen, obwuel hier Aarbecht a Behandlung an der Reegel vill méi Zäit an Usproch hélt. Hier Aarbecht ass grad esou intensiv an d'Behandlunge grad esou effektiv wéi déi an der technescher Apparatemedizin. Dann hänkt d'Akzeptanz an d'Sensibiliséierung vu mentale Krankheete souwéi de Beruffer um Terrain och mat der Attraktivitéit vun dëse Beruffer zesummen. Esou kéint och de Beruff vum Infirmier an der Infirmière psychiatrique méi attraktiv ginn. D'Stigmatiséiere vun der mentaler Gesondheet an dem Duerstelle vun de Psychiatrien als "Geckenhaus", souwéi all aner ofwäertend Bezeechnung am Zesummenhang mat der mentaler Gesondheet, muss definitiv een Enn gesat ginn. Dowéinst ass d'Sensibiliséierung och ee wichtegt Schlësselwuert fir des Penurie unzegoen.

Dem Duerstelle vun de Psychiatrien als "Geckenhaus", souwéi all aner ofwäertend Bezeechnung am Zesummenhang mat der mentaler Gesondheet, muss een Enn gesat ginn

Een anere wichtege Facteur spillt op alle Fall d'Ausbildungsméiglechkeet hei zu Lëtzebuerg. De Psychologie- souwéi de Psychotherapiemaster ginn op der Uni.lu ugebueden. Wat elo d'Psychiaterausbildung betrëfft, kann hei zu Lëtzebuerg elo neierdéngs ee Bachelor a Medezin ofgeschloss ginn, mee fir de Master muss een egal wéi dono an d'Ausland fir d'Spezialiséierung ze maachen. De Medezinstudium mat Psychiatrie als Spezialiséierung misst och hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn. Dëst kéint dozou bäidroe méi Personal an dem Secteur ze schafen.

U leschter Stell, muss de Finanzement vun der extraspideelescher Psychiatrie iwwerduecht gi fir hinnen, hirer Wichtegkeet entspriechend, méi Méiglechkeeten ze ginn an domat des wichteg gratis Servicer ze fuerderen an ze stäerken D'Psychiatere sollen an dëse Strukturen och dee Salaire kréien, deen hirer Spezialisatioun gerecht ass

Mental Gesondheet bei de Kanner a Jugendlechen

An eiser haiteger, schnellliewеger Gesellschaft, wou héijen Erwaardungs-, Leeschtungs a Konkurrenzdrock op der Dagesuerdnung stinn, ass den Impakt ob déi mental Gesondheet vun de Jonken extrem grouss.

Der Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) no, leiden weltwäit 10-20 % vun de Kanner a Jugendlechen u psycheschen Erkrankungen. D'Hallschent vun dësen Erkrankunge fänken dobäi schonns am Alter vu 14 Joer un. An de Suizid ass déi drëtt meeschten Doudesursaach bei de Jugendlechen tëscht 15 a 19 Joer.[I]

Dass déi Jonk extreme mentale Belaaschtungen ausgesat sinn, weist sech och hei zu Lëtzebuerg. Eng Etüde vum Kanner-Jugendtelefon stellt fest, dass zënter dem Joer 2019 d'Zuele vun den Uriff a Relatioun mat Angscht a Suerg (2019: 13 an 2020: 27), mat Depressioun (2019: 14 an 2020: 33), mat Einsamkeet (2019: 5 an 2020: 8) oder selbstverletzendem Verhalen (2019: 3 an 2020: 12) eropgaange sinn.[II]

D'Ursaache vun dëse Belaaschtunge kennen zuelräich sinn, z.B. d'Bewäertung an der Schoul, oder d'Angscht net ze reusséieren an kee gudden Ofschloss ze kréien. Gläichzäiteg féieren Digitaliséierung an d'sozial Netzwierker dozou, dass ee vill mat Noriichten a Fake-News konfrontéiert ass, déi ee selwer muss verschaffe kënnen. Et muss ee permanent erreechbar sinn, et gëtt ee mat Cyber-Mobbing konfrontéiert, et vergläicht een sech duerch d'sozial Medien nach méi mat anere Leit an et freet een sech oft wat déi vun engem denken.

Zousätzlech zu dësen Entwécklunge kommen och nach aner Zukunftsängschte. De Klimawandel dee vun der Politik nach net adequat ugaange gëtt, d'Suerg spéiderhin eng abordabel Wunneng ze fannen, ee sech verännerenden Aarbechtsmarché oder och d'Suerg dës Corona-Kris z'iwwerstoe sinn Ëmstänn, déi mëttlerweil all Jonke beaflossen.

I. Corona-Pandemie an hier Folgen

D'Corona-Kris huet d'Zukunft vun de Jugendlechen nach méi onsécher gemaach. Déi international Aarbechtsorganisatioun (ILO) warnt, dass sech méi schlecht Aarbechtschancen aus Faillitte vun Entreprisen, duerch Ënnerbriechungen an der Bildung an Ausbildung an duerch ee Réckgang vun der Wirtschaftsleeschtung, fir déi Jonk kënnen erginn[III]. Wann een elo nach d'Jugendaarbechtslosegkeet vun November 2020 zu Lëtzebuerg ukuckt, kann engem scho mulmeg ginn, déi louch bei 21,5%[IV].

Déi mental Belaaschtung betrëfft d'Kanner deemno genau esou wéi déi Erwuessen. Déi stänneg Präsens vu beonrouegenden Noriichten, souwéi Angscht a Krisenzoustänn hu misse kenne veraarbecht ginn. Hei orientéieren sech d'Kanner oft un de Reaktioune vun hiren Elteren, déi selwer och musse mat Ongewëssheeten an Ängschte kennen ëmgoen. Mee virun allem fir méi jonk Kanner war de Lockdown an déi domat verbonnen Tatsaach och keng Kolleegen an aner Familljememberen ze gesinn nach méi schlëmm, well et bei hinne méi laang gedauert huet, bis si richteg verstanen hunn, wat eigentlech geschitt.

De Kanner hire normalen Alldag, wéi dee vun eis all, ass komplett op d'Kopp gestallt ginn. D'Fräizäit vun de Kanner misst komplett nei gestalt ginn, well d'Sportaktivitéite laang net accessibel waren, d'Spillplaze laang zou waren an et net einfach war, Kolleegen a Frënn kënnen ze gesinn. Grad des sozial Kontakter, de géigesäitegen Austausch an den Zesummenhalt, déi déi normal Entwécklung vun de Jonken ausmaachen, wiere wichteg gewiergt, fir kennen d'Ëmstänn vun der Pandemie ze verschaffen. Souguer wann een sech mat Kolleege getraff huet, war een der stänneger Suerg ausgesat, krank ze ginn an eventuell e Familljemember unzestiechen an domat eng Gefor fir anerer duerzestellen. Mat dëser Diskrepanz tëscht wëllen erausgoen a Frënn gesinn, säi gewinnten Alldag erliewen a sollen doheem bleiwen an d'sozial Kontakter op dat Néidegst aschränke konnte vill Jugendlecher net einfach ëmgoen.

Wichteg ass, dass elo och d'Enseignanten an d'Professeren sech mam Wuelbefanne vun hire Schüler befaassen, a wisou och d'Politik elo hier Méiglechkeete notze muss, fir déi mental Gesondheet vun de jonke Leit ze stäerken. **Aus dësem Grond hunn mir als Jonk Sozialisten och folgend Proposen ausgeschafft:**

- <u>Home-Schooling an d'Konsequenzen</u>

D'Schoulliewen huet fir d'Schüler komplett geännert. Wou d'Schoul laang zou war, hunn d'Kanner missen doheem léieren, waren deelweis net gutt connectéiert, konnten net ëmmer no Hëllef froen an haten och bal keng Méiglechkeeten hier Klassekomeroden erëmzegesinn. Verschidde Schüler missten eleng mat hire schoulesche Schwieregkeeten eens ginn oder hate bei der Rentrée Réckstänn, déi elo mussen opgeholl ginn. Eng rezent Studie vun der Uni. lu weist, dass wéinst dësen Erfarungen, vill Schüler méi onglécklech am Lock-Down waren, wéi virun dësemV. Och wann d'Schoulliewen elo nees ugefaangen huet, ass och do de Virus permanent present. Et muss ee sech u nei Reegelen upassen an et ass een nach ëmmer Onsécherheeten a méigleche Changementer an der Schoul ausgesat.



#MENTALHEALTHWEEK

D'JSL fuerdert dofir, dass all Schüler e Recht op eng Platz an engem Online-Appui huet. Den Appui bzw. d'Nohëllef, wou an der Schoul ugebuede gëtt, soll an Zäite vum Home-Schooling digital ofgehale ginn. Sou kënnen d'Schüler Retarden opschaffen an erëm Uschloss fannen.

Am Home-Schooling geet och d'Relatioun tëschent de Schüler a Professeren ëmmer méi verluer, wat et de Schüler och net einfach mëscht en oppent Ouer ze fannen. Doweinst muss de Schüler erklärt ginn, wou si bei Problemer Hëllef fannen. D'Aféierung vun engem komplett digitale Service, deen sech op d'Problemer vun de Schüler konzentréiert an hinnen och nolauschtert, ass doweinst absolut noutwenneg.

- Präventioun an Informatioun (Mental Health App)

Déi Jonk brauchen déi néideg Informatioune wou se Hëllef fannen a wéi se mat mentale Problemer kënnen ëmgoen. Dofir proposéiere mir Jonk Sozialisten eng App déi Jugendlecher genuch zum Thema Mental Gesondheet informéiert a hinnen och hëlleft. Dës App géing vum Ministère, zesumme mat den Acteure vum Terrain, entwéckelt ginn. D'Zil dovu wier et, alleguerten déi wichteg Komponenten zum Thema mental Gesondheet mateneen ze vereenegen. Sou soll d'App opklären, wou een sech bei eventuelle Problemer melle kann (SOS Détresse, KannerJugendTelefon, asw.) a wou d'Ulafstelle bei mentale Problemer an der Schoul virzefanne sinn.

Niewebäi solle Selbsttester ugebuede ginn, sou wéi um Site *prevention-depression.lu*. Sou kënnen d'Schüler selwer erkënnen op se Hëllef brauchen oder eventuell eng psychologesch Stéierung kéinten hunn.

Esou gëtt de Schüler eng iwwersiichtlech Plattform ugebueden, wou si déi néideg Hëllef fannen, falls si mental Problemer hunn. Duerch anonymiséiert E-Formulairë kéinten d'Schoule den allgemenge mentale Gesondheetszoustand vun hire Schüler erfaassen an op eventuell Opfällegkeete reagéieren.

- Problemer erkennen an ugoen (Mental-Health-Formatioun)

D'Thematik vun der mentaler Gesondheet muss awer och e feste Bestanddeel an der initialer Formatioun vum Enseignant ginn. Fir präventiv kennen ze handelen, gëllt et Unzeeche vu mentaler Instabilitéit richteg ze déiten an ze interpretéieren. Aus deem Grond fuerdert d'JSL d'Aféierung vun enger obligatorescher „Mental-Health-Formatioun", déi d`Enseignantë méi sensibiliséieren an opkläre sollen. D'Iddi heibäi ass, dass si d'Verhale vu Schüler, mat Bezuch op mentaler Gesondheet, richteg déiten an esou präventiv handele kënnen, mee och wéi een dat Thema mat de Schüler beschwätze kann.

D'Kanner, Schüler a Studenten dierfen op kee Fall negligéiert ginn, scho guer net wärend enger globaler Pandemie. Dofir musse mir hinne d'Méiglechkeet ginn, sech Gehéier ze verschafen!

- Mental Gesondheet thematiséieren (Workshop a Methodenkoffer)

Deen mat Ofstand gréisste Problem stellt nämlech den Tabu duer. Dëse gëllt et ze briechen fir endlech oppen iwwert mental Gesondheet ze schwätzen. Mir proposéieren dofir d'Aféiere vun engem Workshop am Secondaire, wéi en schonns vun der ALEP (*Association luxembourgeoise des étudiants en psychologie*) ausgeschafft gëtt, deen d'Thema mental Gesondheet a psychesch Erkrankunge vollëmfänglech thematiséiert. Dëse Workshop soll dozou bäidroen sech der Wichtegkeet vun der mentaler Gesondheet bewosst ze ginn an d'Unzeeche vu mentalen Erkrankunge z'erkennen.

Fir d'Grondschoul soll den Educatiounsministère zesummen mam Gesondheetsministère e Methodenkoffer erstellen, deen den Enseignanten erméigleche soll d'Thema Mental Gesondheet op eng spilleresch Aart a Weis och fir Kanner am klengen Alter verständlech ze maachen.

- Sensibiliséierung an Ent-Tabuiséierung (Mental Health Dag an Informatiounscours)

Aner Approchë mussen awer gläichzäiteg genotzt ginn, fir datt dës Tabue komplett verschwannen. Mental Gesondheet muss éffentlech vill méi ugeschwat ginn, soudass d'Kanner gesinn, dass och jidderee vu mentale Problemer ka betraff sinn.

An de Schoule muss d'psychesch Gesondheet vill méi ugeschwat ginn, an dat mat engem Mental-Health-Dag. Hei kënne, wéi beim Informatiounsdag vun der Arméi, extern Acteure vun der mentaler Gesondheet an d'Schoule kommen a mat Informatiounsstänn de Schüler weisen, wou se Hëllef kënne fannen.

En Informatiounscours, a Connectioun mat dem schonn erwäänten Workshop soll d'mental Gesondheet kloer an de Virdergrond stellen an de Schüler weise wou si och an de Schoulstrukturen Hëllef kënne fannen. Dëst soll och de Schüler d'Bild vermëttelen, dass zu all Moment a Situatioun eng Persoun do ass, wou si sech uvertraue kënnen. De Schüler muss vun Ufank un kloer gemaach ginn, dass de SEPAS eng schoulesch Ariichtung ass, déi ee net fäerte muss ze betrieden. Duerch weider Opklärung soll den Tabu ronderëm dem SEPAS a senge Servicer gebrach ginnvi. D'Schüler sollen och mat de Gesiichter vun deene Persoune wou am SEPAS schaffe vertraut gemaach ginn.

De SEPAS sollt dofir awer nei opgestallt ginn, well d'Schüler do oft net déi Hëllef kréien déi se brauchen. De SEPAS sollt virun allem bei der Orientatiounsfro a bei Konflikter mat anere Persounen hëllefen an eng generell Berodungsstell sinn. Dogéint soll awer en externe Schoulpsycholog dofir do sinn, fir kënnen de Schüler bei hire mentale Problemer ze hëllefen.

- Schoulpsycholog als wichteg Instanz

Schoulpsycholog als wichteg Instanz Mir plädéieren och fir d'Aféierung vun engem Schoulpsycholog, dee wärend de Schoulzäiten disponibel ass (vgl. Schouldokter). Et soll heibäi ganz kloer keng Flicht sinn, dësen an Usproch ze huelen.

Wéi schonn an der leschter Fuerderung ugedeit, soll de Schüler vum éischten Dag un kloer gemaach kréien, dass esou eng Persoun do ass an hinnen nolauschtert.

II. Conclusioun

Déi momentan immens Aschnëtter an eist privat Liewen, déi hoffentlech gläich un en Enn kommen, sinn, wéi den Ombudsmann vun de Kanner a Jugendlecher sot, en "schläichenden Trauma" dee sech iwwer eng laang Zäit , de Jonke vill Energie kascht a sech domat op de mentalen Zoustand vun de Kanner a Jugendlechen negativ auswierktVII.

Et muss doweinst besonnesch ob déi mental Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen opgepasst ginn, andeems een d'Thema enttabuiséiert an de Jonken d'Méiglechkeet gëtt, sech domat kennen auserneenzesetzen.

D'Kanner, Schüler a Studenten dierfen op kee Fall negligéiert ginn, scho guer net wärend enger globaler Pandemie an dofir mussen hinne verschidde Méiglechkeeten, sech Gehéier ze verschafen, gebueden an och duerchgesat ginn!

Mental Gesondheet an der Aarbechtswelt

D'Aarbecht occupéiert an definéiert e groussen Deel vun eisem Liewen. Et ass do, wou mer déi meeschten Zäit am Dag verbréngen, wou mer Kolleege kennelëieren an och wou mer eise Revenue generéieren. En erfëllende Beruff ze hunn, sou bestätegt d'Weltgesondheetsorganisatioun[I], ass onverzichtbar fir dat eegent Wuelbefannen an déi eege mental Gesondheet. Gläichzäiteg stellt d'WHO awer och fest, dass en negativt Aaarbechtsemfeld zu physeschen a mentale Gesondheetsproblemer féiere kann. Engersäits huet dat Auswierkungen op d'Emfeld vun der betraffener Persoun, sief dat doheem oder op der Aarbecht. Anerersäits wierkt et sech op d'Bewältegung vun Tächen an hirem private Liewen aus. Mental Problemer hunn en negativen Impakt op d'Produktivitéit, d'Effektivitéit an d'kierperlech Gesondheet vun de schaffende Léit. Dëse Problem feiert zu finanzielle Verloschter fir d'Employeuren. Oswald, Proto a Sgroi (2015) stellen an hirer Studie souguer fest, dass e positiivt Wuelbefanne bei der Aarbecht, d'Produktivitéit em bis zu 12% steigere kann.[II]

SHARE OF PEOPLE WITH CHANGING FINANCIAL AND HEALTH CONDITIONS BY JOB SECURITY



Source : STATEC

Fir déi mental Belaaschtung op der Aarbecht ze bezifferen, muss een nëmmen eng Kéier an de "Quality-of-work"-Index vun 2019 kucken. Deen hält fest, dass, mat 59%, méi wéi d'Hallschent vun de befrote Salariéen sech oft enger mentaler Belaaschtung ausgesat fillen, woubäi nëmmen all 10ten behaapte, dass dat bei him guer net de Fall ass. Bei dëser Erhiewung huet all drëtten Employé (31%) uginn, héige Stress duerch seng Tätegkeet ze empfannen an all 10ten empfënnt keng Freed (méi) u senger Aarbecht.[III]

An der Moyenne schaffen déi befrote Leit 3-4 Stonne méi laang wéi am Kontrakt virgesinn ass. Dës Iwwerstonne si bei engem Drëttel vun de lëtzebuergesche Salariéeën onbezuelt. Nëmmen 21-23% vun de Leit packen et no der Aarbecht ofzeschalten an net méi un hier Tächen ze denken. Duerch den Developpement vum Home-Office an déi wuessend digital Vernetzung gëtt dëst an Zukunft nach méi schwéier.[III]

D'Belaaschtungs- a Stresssymptomer sinn deemno net seelen op der Aarbecht a hu ville Studien no en negativen Impakt op déi mental Gesondheet. [IV,V,VI]

Eng schlecht Balance tëscht Beruffs- a Privatliewen, Onzefriddenheet mat der Aarbecht, ze vill Iwwerstonnen, ze wéineg onënnerbrache Pausen a feelend Aarbechtssécherheet, sinn d'Haaptrisikofaktore vun dëse Belaaschtungs- a Stresssymptomer.[VII,VIII,IX] Och d'Covid-19-Kris huet hieren Deel bäigedroen. Duerch déi sanitär Kris huet d'Aarbechtsplatzonsécherheet sech massiivst verbreet, soudass, nom STATEC, mëttlerweil all véierte Resident vun dëser Onsécherheet betraff ass[X]. D'Angscht virun enger ongewësser Zukunft, de méigleche Verloscht vun der Aarbecht, den Home-Office, d'Kannererzéiung an den Haushalt, si Stressfaktoren déi sech immens op eis psychesch Gesondheet auswierken. Et ass also kee Wonner dass de STATEC viru kuerzem erausfonnt huet, dass 12% vun de Leit an dëser Kris een negativen Effekt op hier psychesch Gesondheet spieren an all fënneften deklaréiert huet, dass säi Liewe manner zefriddestellend wier, wéi virun der Pandemie.[XI]

Zënter dem Ufank vun dëser sanitärer Kris hu ronn 13% vun de Residenten e Réckgang vun hirem Akommes an hirer Spuerkapazitéit erlieft; 15% hunn eng verschlechtert kierperlech Gesondheet an 28% hunn eng Verschlechterung vun hirer mentaler Gesondheet constatéiert. Fir Leit mat onsécheren Aarbechtsplazen erhéijen sech déi Prozentsätz ëm bal dat dräifacht bei der perséinlecher Finanzlag an em dat duebelt bei der Verschlechterung vun der eegener Gesondheet.

Éischt-Hëllef-Coursen a Formatioune fir d'mental Gesondheet mussen groussflächeg méiglech an accessibel gemaach ginn!

Eis Propositiounen

Fir eis Jonk Sozialisten gëtt dat Thema an der Aarbechtswelt nach ëmmer net grouss genuch geschriwwen. Et feelt un Sensibiliséierung, Verflichtungen an och Hëllefen, fir dass d'mental Gesondheet en zentraalt Thema an der Aarbechtswelt ka ginn. Nëmme wann dëst Thema an all Gesellschaftsstruktur méi ugeschwat gëtt, ass et méiglech, dass jidderee sech méi bewosst mat senger mentaler Gesondheet a mat där vun de Leit ronderëm sech, beschäftegt Et ass esou wéi d'Stigmae ronderëm dat Thema endgëlteg verschwannen.

- Éischt-Hëllef-Cours a Formatiounen

Et muss dofir gesuergt ginn, dass sech den Ëmgang mat mentale Problemer op der Aarbecht ännert. Heifir mussen Éischt-Hëllef-Coursen a Formatioune fir d'mental Gesondheet, groussflächeg méiglech an accessibel gemaach ginn. D'Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale bitt esou Coursen un an se si schon an der fonction publique zougän-

glech. Duerch eng geziilt Sensibiliséierung muss derfir gesuergt ginn, dass d'Leit op dës Méiglechkeeten opmierksam gemaach an interesséiert ginn. Sou kann ee léieren aktiv an empathesch mat mentale Problemer émzegoen, se unzeschwätzen an se net méi ze ignoréieren, an iwwerhaapt mental Problemer bei sech a senge Mataarbechter ze erkennen.

An deene Beräicher wou een aktiv mat Leit schafft, misst een doriwwer nodenken obligatoresch Formatioun anzeféieren, sou wéi et schonns deelweis fir den Éischt-Hëllefs-Cours virgesinn ass.

- Retour au travail aktiv an empathesch gestalten

Fir Leit déi méi eng schwéier chronesch, psychesch Krankheet haten, ass et schwéier erëm um Aarbechtsmarché ze starten. Eng Aarbecht ass awer essentiell wichteg fir all Mënsch, doweinst muss eng Rehabilitatioun an en erfollegräiche Réckwee an d'Aarbechtswelt erméiglecht ginn.

Fir de „Retour au travail" aktiv an empathesch kennen ze gestalten, brauch een an all gréisserer Struktur obligatoresch een Aarbechtspsycholog, mat engem* Infirmier* psychiatrique, deen esou e „Plan de retour" opstellt. E reegelméissege Suivi vun de Konditioune vun de Mataarbechter a Preventiounsaarbecht si bei dëser Aarbecht inclu.

- Guidelines & Zentraliséiert Plattform

Fir déi mental Gesondheet ob der Aarbechtsplaz promouvéieren ze kënnen, brauch een eng zentraliséiert Plattform mam néidegen Input vum Staat.. Hei kann a Kooperatioun mat all ëffentlechen a privaten Acteuren am Beräich vun der mentaler Gesondheet geschafft ginn, fir dass d'Employeuren an d'Employéen dee Support fannen dee se brauchen.

Ausserdeem musse Guidelines erstallt ginn, fir dass all kleng a grouss Entreprise e Mental-Hëllef-Programm fir hier Mataarbechter ausschaffe kann. Dëse Programm soll informéiere wéi

de Patron op d'mental Gesondheet vun senge Mataarbechter oppasse kann a wéi Problemer duerch déi richteg Preventioune verhënnert oder verbessert kënne ginn. De Programm soll och weise wéi ee Leit mat mentale Problemer Ënnerstëtzung bitt, wéieng Formatiounen et fir Mataarbechter zum Thema Konfliktléisung a mental Gesondheet ginn, wéi ee Mobbing op der Aarbecht ugeet a wéi ee rechtzäiteg Hëllef fennt, wann ee selwer betraff ass.

Fir kleng a mëttelgrouss Betriber kéinten dës Guidelines schonn en Programme-Typ enthalen, vu dass se net déi selwecht Mëttelen hunn wéi grouss Betriber. D'Formation publique, déi schonns vill an dësem Beräich mécht, kann hei als Good-Practice-Modell dengen.

- Méi Flexibilitéit, méi Fraizait an eng besser Gesondheet

Déi rezent Studien, déi am Ufank vum Text ernimmt gi sinn, weisen eis och dorop hin, dass Verännerungen an den Aarbechtsconditiounen néideg sinn. Méi flexibel Aarbechtszäite suerge fir méi Zefriddenheet an eng besser Balance tëscht der Aarbecht an der Famill. Méi Flexibilitéit erméiglecht den Télétravail, mee och do musse kloer Limitte gesat ginn, well d'Déconnexioun néideg ass.

Gläichzäiteg muss den immense Produktivitéitswuesstem aus de leschte Joren der schaffender Bevëlkerung ze gutt kommen, d'Léit schaffen emmer méi an hunn trotzdem um Enn vum Mount net méi am Portmonni. An dësem Zesummenhang muss diskutéiert ginn ob eng 40-Stonnen-Aarbechtswoch nach ëmmer de richtege Wee ass oder ob op een net eng 35-Stonne-Woch ugestriewe sollt. Verkierzten Aarbechtszäite loosse méi Zäit fir sech a seng Famill, maache méi glécklech an och méi produktiv, wéi een et an der Étude vu Microsoft beispillsweis gesäit.XII Dëst ass och déi optimal Wochenaarbechtszäit vu 60% vun de Leit laut der Enquête vum QWI.

Mental Gesondheet vun den eelere Leit

D'Mental Gesondheet gëtt an der haiteger Zäit ëmmer méi beschwat an den Tabu gëtt lues a lues gebrach. Néanmoins, ass d'Thematiséirung vun der Santé Mentale zu Lëtzebuerg nach ëmmer net op dem Stand wou se sollt sinn.

I. Eng ëmmer méi schnell alternd Populatioun

Ee wichtege Punkt heibäi ass, datt d'Mental Gesondheet vun all Mënsch muss mat abezu ginn. Eng Tranche vun der Populatioun gëtt leider ëmmer erëm vergiess: déi eeler Leit. An den aktuellen demographesche Statistike gesäit een ëmmer méi kloer, datt d'weltwäit Populatioun ëmmer méi al gëtt. Déi Tranche vun der Populatioun gëtt also mat der Zäit ëmmer méi grouss a muss dofir och besonnesch consideréiert ginn.

D'mental Gesondheet bei eelere Leit ass ee Sujet, deen nëmme ganz seelen an de Medien thematiséiert gëtt. Et héiert een oft vu jonke Leit a Leit déi um Aarbechtsmarché sinn datt Problemer do sinn. Depressiounen, Angschtstéierungen a Burn-Out sinn oft d'Termen déi benotzt gi fir d'Problemer vun der Societéit ze beschreiwen. Mee wat ass mat den eelere Leit?

II. D'mental Gesondheet vun den eelere Leit

Laut aktuelle Statistike vun der World Health Organisation (WHO), leide méi wéi 20% vun de Leit déi 60 Joer a méi hunn ënnert enger mentaler Krankheet oder hunn eng neurologesch Pathologie. Vun deenen 20%, si 5-7% vun Depressiounen an Demenz touchéiert. D'Angschtstéierunge representéieren 3,8%. Ee Véierel vun de weltwäite Suicide representéiere Leit vu 60 Joer a méi. Ee weidere Problem deen sech weist, ass datt den Abus vu psychoaktive Medikamenter oft vernoléissegt oder falsch diagnostizéiert gëtt.

Dës Zuele sinn erschreckend. Den Tabu vun der mentaler Gesondheet ass souwisou scho staark present an eiser Societéit an an Kombinatioun mam Alter, gëtt de Stigma oft verduebelt. Eeler Leit ginn ergo oft als souwisou vulnerabel agestuuft an dowéinst hier Gesondheetlech Problemer oft einfach ob den Alter gedréckt an net wierklech Eescht geholl, bezéiungsweis falsch diagnostizéiert, well d'Symptomer ganz oft déi selwecht si wéi déi vun anere Krankheeten déi duerchaus an engem méi héischen Alter kennen optrieden.

D'„al ginn", ass bei verschiddene Leit mat ganz ville Froen an Ängschte kombinéiert. Déi sozioekonomesch Situatioun verännert sech, et ass een net méi sou aktiv an ganz oft léisst och déi physesch Gesondheet lues a lues no.

Dëst ass alles en ganz natierleche Prozess, dee jiddweree versteet a sech bewosst ass. An awer weess keen sou richteg wéi en domat ëmgoe soll wann een sech selwer an der Situatioun befënnt. De Changement vun enger autonomer Situatioun zu enger „vulnerabeler" Situatioun ass ganz oft schwiereg a kann en eeschten Challenge fir eis psychologesch Gesondheet duerstellen. Dëst kann dozou féieren datt Leit sech lues a lues an Angschtzoustänn verleede loossen, aus Angscht si kéinte krank ginn, alles verléieren oder notamment och datt se eng laascht fir hier Frënn a Famill kéinte ginn.

En weidere ganz grousse Facteur de Risque dee mëscht datt d'mental Gesondheet bei der eelerer Populatioun ofhëlt an a Gefor ass, ass den Isolement Social an d'Einsamkeet. Notamment an de Covid-19 Zäiten, sinn déi concernéiert Leit ganz oft eleng wat oft dozou féiere kann datt eng détresse psychologique zustane kënnt. Mat der Beschränkung vun de soziale Kontakter, déi bei den eelere Leit souwisou schonn immens negligéiert ass, ass den Isolement Social an déi domat verbonne Problemer a psychologesch Belaaschtungen ëmsou méi schlëmm gi, wéi se souwisou scho waren.

Et ass leider och en Fait Accompli, datt eeler Leit och oft Affer vu Maltraitance a Vernoléissegung sinn, egal a wéi enger Form dëst stattfënnt. Laut der WHO ass eng Persoun vun 10 en Affer vun dëse Maltraitancen, déi oft schlëmm Traumae mat sech bréngen déi an de wéinegste Fäll behandelt ginn.

Wéi kann een also de Stigma deen um „al ginn" an un de psychesche Problemer festhänkt am beschten ëmgoen?

III. D'Jonk Sozialiste fuerderen

• Datt all déi Professionell déi mat Eeleren a Kontakt sinn a schaffen, forméiert gi fir preventiv kënnen z'agéiere wann de Fall vun enger Verschlechterung vum mentalen Zoustand vun enger Persoun optrëtt an dëse sou schnell wéi méiglech thematiséieren an adequat behandele kënnen.

• Des Weideren, ass et wichteg och déi eeler Leit ze sensibiliséieren. Hei wier et fir d'Jonk Sozialiste wichteg eng Preventiounscampagne ze starten, déi sech explizitt op d'Besoine vun der eelerer Populatioun adaptéiert. Doduerch kréien déi betraffe Leit vermëttelt, datt si kënnen iwwert dat wat si bedréckt schwätzen, an datt si net eleng sinn.

• En anere Punkt fir d'Problematik vun der Verschlechterung vun der mentaler Gesondheet bei eelere Leit ze verhënnere wier an all Altersheem en Psycholog present ze hunn. Dëse kéint dann op der Basis vu Signalementer vum Personal an/oder opgrond vun der Demande vum Resident intervenéieren.

• Mat der Hëllef vun engem Psycholog an den Altersheemer wier et dann och méiglech, a Kooperatioun mat den Educateuren, Aktivitéiten ze plangen, déi d'Wichtegkeet vun der mentaler Gesondheet promouvéieren. Des Weidere, gesinn d'Residenten op dësem Wee, datt et net schlëmm ass «schwéier Deeg» ze hunn oder sech eleng ze fillen a kënne mat Hëllef vun dëser interaktiver «Gruppentherapie» sech matdeelen an sou e Ventil fir hiert Leed fannen.

• En weideren essentielle Facteur ass , datt den Entourage vun der betraffener Persoun muss méi sensibiliséiert ginn op d'Problemer wou hir Enkste kéinten eventuell begéinen. Mat dem néidege Wëssen deen op dësem Wee vermëttelt kéint ginn, géing den Entourage drop opmierksam gemaach ginn, wéi se der eelerer Persoun an hirem Liewe kënnen hëllefen a bäistoen. Eng Iddi fir dëst Wëssen ze vermëttele wieren zum Beispill Info Owender, Formatiounen oder Workshops déi mat der ganzer Famill kënne gemaach ginn an sou spilleresch Saache bäiléieren.

Mental Gesondheet ass en Mënscherecht an d'Vernoléissegung vun dëser ass inakzeptabel.

• Wéi virdru schonn ernimmt, ass d'Angscht virum Alter bei enger grousser Majoritéit vu Persoune present. De Verloscht vun der Routine déi iwwert Jore mat enger Aarbecht verbonne war geet verluer an doduerch fält déi betraffe Persoun ganz oft an eng grouss Onsécherheet déi zu Angschtstéirungen an am schlëmmste Fall och zu Depressioune féiere kann. D'Jonk Sozialiste fannen et deemno ubruecht, de Pensionnairen eng Méiglechkeet ze ginn, en Cas de Besoin, kënne reegelméisseg bei en Psycholog ze goen, deen engem bei dëser grousser Veränerung am Liewe bäisteet. Esou gëtt de potentielle mentale Problemer entgéint gewierkt, an d'Persoun kritt nees eng gewësse Stabilitéit an hiert Liewen.

IV. Conclusioun

D'mental Gesondheet vun eiser eelerer Populatioun ass genausou wichteg wéi déi vun all anerem Mënsch. Et geet net duer sech nëmmen ëm déi physesch Gesondheet ze këmmeren, mee et muss een dofir suergen, datt och de psychologeschen Aspekt an Uecht geholl gëtt. Mental Gesondheet ass en Mënscherecht an d'Vernoléissegung vun dëser ass inakzeptabel.

Quellen

Mental Gesondheet : en “Etat des lieux” vun der Situatioun zu Lëtzebuerg

i Commission européenne. (2008, 12. Juni). Pacte européen pour la santé mentale et le bien-être. https://ec.europa.eu/health/ph_determinants/life_style/mental/docs/pact_fr.pdf.

ii Ministère de la Santé. (2013, 26. September). Réforme de la psychiatrie et politique de santé mentale. Communiqué de Presse du Ministère de la Santé. https://sante.public.lu/fr/actualites/2013/09/reforme-psychiatrie/2013-09-26-reforme-psychiatrie-psychiatrie-politique-sante-mentale-conmunique-presse.pdf

iii La prévention suicide chez les personnes âgées. (o. D.). https://www.prevention-suicide.lu/wp-content/uploads/FR_suizid-im-alter_web.pdf. Abgerufen am 13. Januar 2021, von https://www.prevention-suicide.lu/wp-content/uploads/FR_suizid-im-alter_web.pdf

iv WHO; https://www.who.int/teams/mental-health-and-substance-use/mental-health-in-the-workplace

v Luxemburger Wort. (2020, 10. November). La pandémie n’entraîne pas plus de suicides. https://www.wort.lu/fr/luxembourg/la-pandemie-n-entraine-pas-plus-de-suicides-5faa6969de135b9236606396. https://www.wort.lu/fr/luxembourg/la-pandemie-n-entraine-pas-plus-de-suicides-5faa6969de135b9236606396

vi Statec Luxembourg. (2021, 01.August). One in three Luxembourg residents report their mental health declined during the COVID-19 crisis (N 08) [07/2020]. www.statistiques.lu. https://statistiques.public.lu/en/news/social-conditions/social-life/2020/07/20200702/index.html

vii Commission européenne. (2008, 12. Juni). Pacte européen pour la santé mentale et le bien-être. https://ec.europa.eu/health/ph_determinants/life_style/mental/docs/pact_fr.pdf. https://ec.europa.eu/health/ph_determinants/life_style/mental/docs/pact_fr.pdf

viii Association luxembourgeoise des étudiants en psychologie. (o. D.). Q&A- Psychotherapie zu Lëtzebuerg (FR). https://alep.lu/student-area/qa-psychotherapie-zu-letzebuerg/qa-psychotherapie-zu-letzebuerg-fr/. Abgerufen am 4. Januar 2021, von https://alep.lu/student-area/qa-psychotherapie-zu-letzebuerg/qa-psychotherapie-zu-letzebuerg-fr/

ix Loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant 1) le Code de la sécurité sociale; 2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical; 3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service. Artikel 5. (2015, 21. Juli). www.legilux.public.lu. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2015/07/14/n1/jo

Juristesche Kader a Remboursement: Psychiater, Psychologen a Psychotherapeuten – d’Saga geet weider

I Chambre des Députés. (2013, 1. Juni). PROJET DE LOI portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant (1) le Code de la sécurité sociale; (2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical; (3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifica- tions professionnelles, b) de la prestation temporaire de service. Seite 10. https://www.chd.lu/wps/PA_RoleDesAffaires/FTSByteServingServletImpl?path=C2B8819BE49A143720B301FB0777FD59231FE3834D2F147F1A42BE8F41AD08EAC858C926CE3ECD775AD92B1EEFAF8243$8561A13E11A1B96B18BEB77845C56AE2. https://www.chd.lu/wps/PA_RoleDesAffaires/FTSByteServingServletImpl?path=C2B8819BE49A143720B301FB0777FD59231FE3834D2F147F1A42BE8F41AD08EAC858C926CE3ECD775AD92B1EEFAF8243$8561A13E11A1B96B18BEB77845C56AE2

II Loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant 1) le Code de la sécurité sociale; 2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical; 3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service. Artikel 1.(2015, 21. Juli). www.legilux.public.lu. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2015/07/14/n1/jo

III Loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant 1) le Code de la sécurité sociale; 2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical; 3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service. Artikel 2. (2015, 21. Juli). www.legilux.public.lu. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2015/07/14/n1/jo

IV Loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant 1) le Code de la sécurité sociale; 2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical; 3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service. Artikel 5. (2015, 21. Juli). www.legilux.public.lu. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2015/07/14/n1/jo

V Règlement grand-ducal du 10 juillet 2011 fixant la liste des spécialités en médecine et médecine dentaire reconnues au Luxembourg. (2011, 15. Juli). http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2011/07/10/n2/jo. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2011/07/10/n2/jo

VI Conseil d’Etat. (2020, 17. November). Projet de règlement grand-ducal portant réglementation des relations entre la Caisse nationale de santé et le groupement représentatif de la profession de psychothérapeute au Grand-Duché de Luxembourg - Avis du Conseil d’État. https://conseil-etat.public.lu/fr/avis/2020/Novembre2020/17112020/60064.html. https://conseil-etat.public.lu/content/dam/conseil_etat/fr/avis/2020/17112020/60064-SOC-PRG,-Convention-psychotherapeutes-.pdf

VII Conseil d'Etat. (2020, 17. November). Projet de règlement grand-ducal portant réglementation des relations entre la Caisse nationale de santé et le groupement représentatif de la profession de psychothérapeute au Grand-Duché de Luxembourg - Avis du Conseil d'État. https://conseil-etat.public.lu/fr/avis/2020/Novembre2020/17112020/60064.html. https://conseil-etat.public.lu/content/dam/conseil_etat/fr/avis/2020/17112020/60064-SOC-PRG,-Convention-psychotherapeutes-.pdf

VIII Conseil d'Etat. (2020, 17. November). Projet de règlement grand-ducal portant réglementation des relations entre la Caisse nationale de santé et le groupement représentatif de la profession de psychothérapeute au Grand-Duché de Luxembourg - Avis du Conseil d'État. https://conseil-etat.public.lu/fr/avis/2020/Novembre2020/17112020/60064.html. https://conseil-etat.public.lu/content/dam/conseil_etat/fr/avis/2020/17112020/60064-SOC-PRG,-Convention-psychotherapeutes-.pdf

IX Code de la sécurité sociale - Version consolidée au 01.01.2020. Artikel 61 – 70. (2020, 1. Januar). http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/code/securite_sociale/20200101. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/code/securite_sociale/20200101

X Conseil d'Etat. (2020, 17. November). Projet de règlement grand-ducal portant réglementation des relations entre la Caisse nationale de santé et le groupement représentatif de la profession de psychothérapeute au Grand-Duché de Luxembourg - Avis du Conseil d'État. https://conseil-etat.public.lu/fr/avis/2020/Novembre2020/17112020/60064.html. https://conseil-etat.public.lu/content/dam/conseil_etat/fr/avis/2020/17112020/60064-SOC-PRG,-Convention-psychotherapeutes-.pdf

XI Loi du 16 décembre 2008 relative à l'aide à l'enfance et à la famille. (2008, 22. Dezember). Legilux.public.lu. http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2008/12/16/n4/jo

XII Aides proposées. (o. D.). Office National de l'Enfance. Abgerufen am 20. Januar 2021, von https://www.officenationalenfance.lu

D'Pénurie un Personal am Secteur vun der mentaler Gesondheet

i Marie-Lise LAIR-HILLION (2019. 1. Oktober). Etat des lieux des professions médicales des professions de santé au Luxembourg, Rapport final et Recommandations, Santé et Prospectives. https://sante.public.lu/fr/publications/r/rapport-etat-des-lieux-professions-de-sante-version-complete-2019/rapport-etat-des-lieux-professions-medicales-et-professions-de-sante-complet.pdf

ii RTL Lëtzebuerg Radio (2020, 13. Oktober). Invité vun der Redaktioun mam Dokter Paul Hédo. https://www.rtl.lu/radio/invite-vun-der-redaktioun/a/1594354.html

iii RTL Lëtzebuerg Radio (2020, 13. Oktober). Invité vun der Redaktioun mam Dokter Paul Hédo. https://www.rtl.lu/radio/invite-vun-der-redaktioun/a/1594354.html

iv RTL Lëtzebuerg, Emissioun Kloertext (2020, 5. November). Impakt vun der Pandemie op d'mental Gesondheet. https://www.rtl.lu/tele/kloertext/a/1608522.html

v RTL Lëtzebuerg, Emissioun Kloertext (2020, 5. November). Impakt vun der Pandemie op d'mental Gesondheet. https://www.rtl.lu/tele/kloertext/a/1608522.html

vi RTL Lëtzebuerg, Emissioun Kloertext (2020, 5. November). Impakt vun der Pandemie op d'mental Gesondheet. https://www.rtl.lu/tele/kloertext/a/1608522.html

vii ONU. (2020, August 25). Le COVID-19 affecte la santé mentale des jeunes. ONU France. https://unric.org/fr/le-covid-19-affecte-la-sante-mentale-des-jeunes/

viii RTL Lëtzebuerg, Emissioun Kloertext (2020, 5. November). Impakt vun der Pandemie op d'mental Gesondheet. https://www.rtl.lu/tele/kloertext/a/1608522.html

ix Marie-Lise LAIR-HILLION (2019. 1. Oktober). Etat des lieux des professions médicales des professions de santé au Luxembourg, Rapport final et Recommandations, Santé et Prospectives. Partie 5 Seite 29, 103. https://sante.public.lu/fr/publications/r/rapport-etat-des-lieux-professions-de-sante-version-complete-2019/rapport-etat-des-lieux-professions-medicales-et-professions-de-sante-complet.pdf

x Le site internet du Collège médical. http://www.collegemedical.lu. http://www.collegemedical.lu

xi Welsch, A. (2020, October 22). Ärztemangel: Psychiatrie ist in einer akuten Krise. Wort.Lu. https://www.wort.lu/de/politik/aerztemangel-psychiatrie-ist-in-einer-akuten-krise-5f91a372de135b9236105fab

xii Welsch, A. (2020, October 22). Ärztemangel: Psychiatrie ist in einer akuten Krise. Wort.Lu. https://www.wort.lu/de/politik/aerztemangel-psychiatrie-ist-in-einer-akuten-krise-5f91a372de135b9236105fab

xiii Organisation mondiale de la santé. (2018, 30. März). Santé mentale : renforcer notre action. https://www.who.int/fr/news-room/fact-sheets/detail/mental-health-strengthening-our-response

xiv Marie-Lise LAIR-HILLION (2019. 1. Oktober). Etat des lieux des professions médicales des professions de santé au Luxembourg, Rapport final et Recommandations, Santé et Prospectives.Partie 13 Seite 16.

https://sante.public.lu/fr/publications/r/rapport-etat-des-lieux-professions-de-sante-version-complete-2019/rapport-etat-des-lieux-professions-medicales-et-professions-de-sante-complet.pdf

xv Marie-Lise LAIR-HILLION (2019. 1. Oktober). Etat des lieux des professions médicales des professions de santé au Luxembourg, Rapport final et Recommandations, Santé et Prospectives.Partie 13 Seite 16.
https://sante.public.lu/fr/publications/r/rapport-etat-des-lieux-professions-de-sante-version-complete-2019/rapport-etat-des-lieux-professions-medicales-et-professions-de-sante-complet.pdf

Mental Gesondheet bei de Kanner a Jugendlechen

I World Health Organization (WHO). (o.D.). Improving the mental and brain health of children and adolescents. Zuletzt abgerufen am 24.01.2021 von: https://www.who.int/activities/Improving-the-mental-and-brain-health-of-children-and-adolescents

II Luxemburger Wort (2020). La pandémie n'entraîne pas plus de suicides. Zuletzt abgerufen am 24.01.2021 von : https://www.wort.lu/fr/luxembourg/la-pandemie-n-entraine-pas-plus-de-suicides-5faa6969de135b9236606396

III Gonzalez, S. P., Gardiner, D., & Bausch, J. (2020). Youth and COVID-19: impacts on jobs, education, rights and mental well-being: survey report 2020. ILO, Geneva, 5.

IV Eurostat (2020). Pressemitteilung Euroindikatoren - Arbeitslosenquote im Euroraum bei 8,4%. Zuletzt abgerufen am 24.01.2021 von: https://ec.europa.eu/eurostat/documents/portlet_file_entry/2995521/3-02122020-AP-DE.pdf/a3d714df-5449-4c75-7b33-08d7136cd505

V Gantenbein, M. (2020). Studie: Wie Kinder und Jugendliche die Pandemie erleben. Wort.lu. Zuletzt abgerufen am 24.02.2012 von: https://www.wort.lu/de/politik/studie-wie-kinder-und-jugendliche-die-pandemie-erleben-5f9afe9dde135b92366d85f7

VI Ministère de l'éducation nationale et de la jeunesse (MENJE). (2020). CEPAS – Centre psycho-social et d'accompagnement scolaire. Zuletzt abgerufen am 24.01.2020 von : https://cepas.public.lu/fr/consultations-psycho-sociales.html

Mental Gesondheet an der Aarbechtswelt

I World Health Organization (WHO). (o.D.). Mental Health in the workplace. Zuletzt abgerufen am 22.01.2020 von: https://www.who.int/teams/mental-health-and-substance-use/mental-health-in-the-workplace

II Oswald, A. J., Proto, E., & Sgroi, D. (2015). Happiness and productivity. Journal of Labor Economics, 33(4), 789-822.

III Schütz, H. & Thiele, N. (2019). Bericht - Quality of work Luxembourg 2019. Bonn: Infas Institut für angewandte Sozialwissenschaft

IV DeLongis, A., Lazarus, R., & Folkman, S. (1988). The impact of daily stress on health and mood: Psychological and social resources as mediators. Journal of Personality and Social Psychology, 54(3), 436–495.

V Garbarino, S. et al. (2013). Association of work-related stress with mental health problems in a special police force unit. BMJ open, 3(7).

VI Stead, R., Shanahan, M., & Neufeld, R. (2010). "I'll go to therapy, eventually": Procrastination, stress and mental health. Personality and Individual Differences, 49(3), 175-180.

VII Kopp, M., Stauder, A., Purebl, G., Janszky, I., & Skrabski, &. (2008). Work stress and mental health in a changing society. European Journal of Public Health, 18(3), 238-244.

VIII Wang, J. L., Lesage, A., Schmitz, N., & Drapeau, A. (2008). The relationship between work stress and mental disorders in men and women: findings from a population-based study. Journal of Epidemiology & Community Health, 62(1), 42-47.

IX Weston, Zilanawala, Webb, Carvalho, & McMunn. (2019). Long work hours, weekend working and depressive symptoms in men and women: Findings from a UK population-based study. Journal of Epidemiology & Community Health (2019) (In Press), Journal of Epidemiology & Community Health (2019) (In press).

X STATEC. (2020). Job insecurity worsened for 25% of the residents as a consequence of the COVID-19 crisis. Results of the COVID-19 Social and Economic Impact Survey, 06(1-3).

XI STATEC. (2020). PIBien-être. Zuletzt abgerufen am 22.01.2020 von: https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/analyses/2020/PDF-Analyses-07-2020.pdf

XII Paul, K. (2019). Microsoft Japan tested a four-day work week and productivity jumped by 40%. The Guardian. Zuletzt abgerufen am 23.01.2020 von: https://www.theguardian.com/technology/2019/nov/04/microsoft-japan-four-day-work-week-productivity

Mental Gesondheet vun den eeleren Leit

I Organisation Mondiale de la Santé. (2017). Santé mentale et vieillissement. Retrieved from https://www.who.int/fr/news-room/fact-sheets/detail/sant%C3%A9-mentale-et-vieillissement

II Orlandie, V. (2014). Une gérontopsy prend la parole : Le paradoxe d'être vieux et d'avoir un avenir. Retrieved from https://www.wort.lu/fr/search/sant%C3%A9%20mentale

III PSYCOM Santé mentale info. (2020). La santé mentale en vieillissant. Retrieved from https://www.psycom.org/wp-content/uploads/2020/11/Sante-mentale-et-vieillissement-2020.pdf